pétange
MOTIVATION COMMUNE


# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

octobre / novembre 2021



Vun uewe gesäit een eréischt esou richteg, wéi grouss den CFL-Schantjen zu Rodange ass



## 4 AM KONTAKT MAM BIERGER

*Digitaliséierung, et ass e grousst Wuert hanner deem sech vill eenzel Kommunikatiounsméiglechkeete verstoppen. Fir deen een ass et einfach, dës nei Medien ze verstoen, fir anerer méi schwéier. Mir sinn nun emol am 21. Jorhonnert ukomm an d'Methoden, wéi matenee kommunizéiert gëtt, hu changéiert.*



## 6 EIN FUSSBALLSTADION IM NEUEN KLEID

*Seit einigen Monaten ist es im Stadion Jos. Philippart in Rodange ruhig geworden. Die Anhängerrufe sind erlöscht, der Ball rollt nicht mehr. Doch das hat einen guten Grund: die aus den 30er Jahren des vergangenen Jahrhunderts...*


### > Impressum

**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 / L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Réalisation :**
Espace-Médias S.A.

**Comité de rédaction :**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos:**
Service Culture et Communications de la commune de Pétange, Laurent Blum, Milena Milenkovic, Mireille Goerres, CFL

**Imprimeur :**
Imprimerie Heintz, Pétange

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Octobre/Novembre 2021

ISSN 1993-0070


SOMMAIRE


| | |
|---|---|
| 2 | Haaptthemen |
| 3 | Editorial |
| 4-5 | Am Kontakt mam Bierger |
| 6 | Ein Fußballstadion im neuen Kleid |
| 7 | Agenda |
| 8-9 | Cynthia Knoch |
| 10-11 | Agenda |
| 12-13 | Wat war lass ? |
| 14-15 | Rockabilly de Luxe 2021! |
| 19-21 | Wat war lass ? |
| 21-23 | Mir gratuléieren ! |
| 24 | Recette culinaire |
| 25-27 | D'Gemeng informéiert |
| 28 | Rock the South |

# MUSEK, ENG WICHTEG KOMPONENT AN DER ERZÉIUNG VUN EISE KANNER



*De Programm vun der Museksschoul ass gutt gefëllt*

D'Gemeng Péiteng leet schonn zënter Jore bei der Bildung vun eise Kanner a Jugendlechen ee grousse Wäert op déi musikalesch Erzéiung. Wéinst der COVID-Kris war d'Museksschoul méintelang zou, et goufe keng Musekscourse gehalen respektiv se hu mussen iwwer Visio ugebuede ginn. An dobäi spillt d'Musek dach eng ganz wichteg Roll, besonnesch bei de Kanner.

Eis Chargé de Coursen hu wärend däser schwéierer Zäit vill Asaz bewisen an et ass nëmme richteg, datt hinnen dofir a fir hir Ausdauer e grousst Luef an e grousse Merci ausgeschwat ginn.

Datt eis Museksschoul trotz der Pandemie näischt un hirer Attraktivitéit verluer huet, dat beweisen op en neits d'Zuele vun den Aschreiwunge fir d'Schouljoer 2021/2022. Dëst Joer louch déi Zuel bei 550 Schüler a Schülerinnen an domat ronn 10% iwwer där vum leschte Joer.

Déi Péitenger Gemeng encouragéiert de Kontakt vun eise Butze schonn an der Spillschoul mat der Musek, wou d'Däbbessen am „éveil musical“ op eng spilleresch Aart a Weis sech mat deene ville Facette vun der Musik ufrënde kënnen.

Piano, Gitar a Gei si besonnesch beléift Instrumenter an d'Harf huet an deene leschte Joren ëmmer méi Zoulaf kritt. Och d'Course fir Sträichinstrumenter goufen a ginn ëmmer besser besicht.

Wat d'Zukunft vun eise Museksgesellschaften ubelaangt, esou ass een an der Gemeng Péiteng awer zouversichtlech, datt den Nowues um Wee ass, well eng ganz Rei nei Schüler an der Percussioun, bei de Blosinstrumenter, dem Holz an dem Blech de Wee an d'Museksschoul fonnt hunn.

Nieft deene klasseschen Instrumenter huet awer och dee moderne Museksunterrecht seng Plaz an der Museksschoul. Neierdéngs och e feste Bestanddeel sinn Jazz, Combo a moderne Gesang, déi sech déi méi jonk Museker awer och déi Erwuessen net méi kënnen ewechdenken.

A wann déi aktuell Situatioun wat de COVID-19 ugeet sech net verschlechtert a mir net nees eng Kéier ëmdisponéiere mussen, da stinn an dësem Joer och nees Auditiounen a Concerte fir d'Elteren an d'Matbierger fest um Programm. Do kënnen eis Museker „in spee“ weisen, wat si kënnen, wéivill Talent an hinne stécht an och, wat si schonn alles an hire Course geléiert hunn. Et bleift elo just ze hoffen, datt all déi geplangten Opféierungen och wéi gewinnt kënne stattfannen.

An deem Sënn: op eng gutt musikalesch Rentrée!

De Schäfferot

# AM KONTAKT MAM BIERGER

*Digitaliséierung, et ass e grousst Wuert hanner deem sech vill eenzel Kommunikatiounsméiglechkeete verstoppen. Fir deen een ass et einfach, dës nei Medien ze verstoen, fir anerer méi schwéier. Mir sinn nun emol am 21. Jorhonnert ukomm an d'Methoden, wéi matenee kommunizéiert gëtt, hu changéiert.*




D'Gemeng Péiteng versicht schonn zënter enger Zäit, dës nei Medien an den Alldag z'integréieren. Esou kritt een Informatiounen iwwer Internet, Facebook oder sms2citizen, asw. All déi Kommunikatiounskanäl, iwwer déi d'Gemeng mat de Bierger a Kontakt stoe wëll, ginn an engem grousse Pak, wou nei a méi al Medien all Generation uspriechen, zesummegeluecht. Duerch dëse Schrëtt ginn d'Informatiounen an Zukunt esou ugebueden:

- **6 elektronesch Reidere** bei der Entrée vun der Gemeng, der Péitenger Sportshal, der Rodanger Sportshal, dem Rodanger Kulturzenter, der Schoul an dem Fräizäitzenter zu Lamadelaine.
- **www.petange.lu** – d'**Internetsäit** vun der Gemeng.
- D'**Facebook-Säit** *„Commune-de-Pétange"*.
- Den **Info Kanal (Pétange Info TV)**, de lokale Sender, dee vun der Péitenger Gemeng bedriwwe gëtt mat ë.a. klenge Filmer an der Emisssioun mam Titel **RPL TV**, déi och um nationalen Telesender „Apart TV" gewise gëtt.
- Eng nei **App** fir d'Gemeng, déi 2022 erauskënnt.
- **Péiteng On Air**, de lokale Radiosender, wou Musik, Norichten a vill méi Informatiounen ze héiere sinn.
- **Meng Gemeng / Péiteng Aktuell**, zwee Magaziner, déi nach gedréckt an un d'Bierger verdeelt ginn.
- Op **Youtube** ass d'Gemeng och präsent mat klenge Videoen, dofir muss ee just *„Commune de Pétange"* aginn. Hei goufen och während der Corona-Kris d'Gemengerootssëtzungen iwwerdroen.
- Ënner *„Commune de Pétange"* ass d'Gemeng och op **Instagram** vertrueden, en Online-Service, wou och Fotoen a Videoe kënnen eropgeluede ginn.
- **sms2citizen** funktionéiert och nach ëmmer. Heifir kënnen d'Bierger sech online aschreiwe fir spezifesch Informatioune per SMS ze kréien.

# EN CONTACT AVEC LE CITOYEN




*La digitalisation, voilà un terme qui cache bon nombre de moyens de communication. Pour les uns, il n'y a rien de plus facile, pour les autres, ces nouveaux médias constituent un vrai problème. Mais, nous sommes au 21e siècle et les méthodes de communication ont bien évolué.*

La commune de Pétange essaie depuis un moment déjà d'intégrer ces nouveaux médias dans la vie de tous les jours. Ainsi de nombreuses informations sont disponibles sur internet, Facebook ou par sms2citizen, etc. Toutes ces voies de communication, par lesquelles la commune veut rester en contact avec le citoyen, seront fisselées dans un « package » qui contiendra les médias plus et moins récents afin de joindre toutes les générations. Grâce à cette initiative, les informations seront disponibles comme suit :

- **6 totems tactiles** près d'entrée de l'administration communale, le Centre sportif Bim Diederich à Pétange, la «Sportshal» et le Centre culturel à Rodange ainsi que près du bâtiment scolaire et le Centre de loisirs à Lamadelaine.
- **www.petange.lu** – le site **internet** de la commune de Pétange.
- La présence sur la page « **Facebook** » « *Commune de Pétange* ».
- L'**Info-Canal (Pétange Info TV)**, la station locale géré par la commune de Pétange montrant des reportages ainsi que l'émission intitulée **RPL TV** qui est diffusé aussi sur la chaîne nationale « Apart TV ».
- Une nouvelle **APP** qui sera activée en 2022.
- « **Péiteng on Air** », la station radio locale qui alterne musique, journal et informations diverses.
- « **Meng Gemeng / Péiteng Aktuell** », deux magazines imprimés et distribué aux ménages de la commune.
- Sur **Youtube**, la commune est également présente avec des petits films. Il faut simplement faire une recherche sur « *Commune de Pétange* ». Durant la crise sanitaire, les séances du conseil communal furent retransmises en direct.
- Sous « *Commune de Pétange* », la commune est présente sur **Instagram**, un service en ligne qui diffuse photos et vidéos mis en ligne par les utilisateurs.
- Les citoyens peuvent souscrire à **sms2citizen** en ligne afin de recevoir des informations spécifiques par SMS.

# EIN FUSSBALLSTADION IM NEUEN KLEID



*Seit einigen Monaten ist es im Stadion Jos. Philippart in Rodange ruhig geworden. Die Anhängerrufe sind erlöscht, der Ball rollt nicht mehr. Doch das hat einen guten Grund: die aus den 30er Jahren des vergangenen Jahrhunderts stammende Tribüne mit den darunter liegenden Sanitäranlagen und Umkleidekabinen hatte ausgedient und entsprach nicht den adäquaten Bedingungen, die man sich heutzutage erwartet.*

Zuerst musste der Abhang verstärkt und die dazugehörigen Stufen am oberen Teil in Richtung rue du Clopp fertiggestellt werden. Letztere konnten jedoch noch nicht in Betrieb genommen werden da das Geländer noch fehlt.

Was die neue Tribüne anbelangt, so steht bereits der Rohbau des Erdgeschosses. Augenblicklich werden die Arbeiten in der 1. Etage sowie am Überdach und an den Außenanlagen erledigt. Dieses Unternehmen wird voraussichtlich bis Ende 2021 fertig sein.

Genau gegenüber vom Fußballstadion und der Sporthalle entsteht bekanntlich das neue Parkhaus. Fast zeitgleich mit dem Schulanfang haben auch die ersten Arbeiten dieses Projektes begonnen. Bis Ende diesen Jahres soll der Betonkern des Gebäudes stehen. Die Parkflächen werden als Stahlbaukonstruktion eingegliedert.

Auch wenn das Ende der Arbeiten für den Schulgebinn 2022 geplant ist, so ist diese Angabe ohne Gewähr aufgrund der augenblicklichen Probleme mit der Lieferung von bestimmtem Material - insebesondere was den Stahlbau betrifft.






## 6/10 et 3/11
### Marché mensuel
Pétange – place J.F. Kennedy
De 8h00 à 13h00
Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

## 6/10, 13/10 et 20/10
### Cours de self-défense
Pétange – Home St Hubert
(52, rue de l'Eglise)
De 19h00 à 21h00
Sous la direction du SDC de la Police
Place limitées
Inscriptions obligatoires : info@sitp.lu
ou par tél. : 621 215 021
Informations sur www.sitp.lu
Org. : Syndicat d'initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

## 8/10
### Quiz musical
Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)
Début : 19h00
Prix : 6 €
Informations et réservations :
tél. : +352 2060 046 584
Org. : La Main Tendue asbl Angela

## PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG



Vu moies fréi bis nomëttes
**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**
**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**
**Den 23.10. a 4.12. zu Rodange an zu Lamadelaine**
**Den 9.10. a 6.11. zu Péiteng**
Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng resp. vu Rodange/Lamadelaine

## 9/10 an 10/10
### Floumaart
Péiteng – J. F. Kennedy-Plaz
(Gemengeplaz)
Vun 9 bis 18 Auer
Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel. +352 691 133 643
Org.: Homework

## 9/10
### Soirée capverdienne
Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)
À partir de 21h00
(admission et Covid check)
Entrée : 20 €
Informations et réservations par
tél. : +352 621 636412
Org. : Syndicat d'initiative de Rodange

## 16/10
### Hierschtfeier
Rodange – Kulturzentrum
(avenue Dr. Gaasch)
Ufank: 15.00 Auer
Entrée: 1 €
Informatiounen a Resrvatiounen iwwer
Tel.: +352 50 01 86
Org.: Coin de Terre et du Foyer Rodange

## 18/10
### Grousse Moart
Péiteng – place J. F. Kennedy
Vun 8.00 bis 18.00 Auer
Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

## 20/10
### Soirée d'information
Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)
Début : 19h00
Avec Mme Carole Dieschbourg,
Ministre de l'environnement, du climat et du développement durable
Org. : déi gréng Péiteng




## WAX / KONSCHT MILLEN


**2, rue d'Athus**
**Pétange**

## 23/10
### Keen Doheem
Den neie Comedy-Programm
vun Tri2Pattes
Ufank: 20 Auer
Entrée: 25 €
Reservatiounen: méindes bis freides
tëscht 18 an 20 Auer
iwwer Tel.: +352 621 688 872
oder per mail (masutti@pt.lu)
Iwwerweisung vum Entréespräis op de
Kont LU20 0019 3955 1923 6000
Org.: Konscht-Millen asbl



# VON DER WELTBÜHNE ZURÜCK NACH PETINGEN

*Wer an große Konzerte auf dem Vrijthof in Maastricht (NL) denkt, der denkt auch automatisch an André Rieu und sein Richard-Strauß-Orchester, die seit Jahren für ausverkaufte Vorstellungen rund um den Globus sorgen. Doch eine Verbindung mit der Gemeinde Petingen kommt wohl den wenigsten dabei in den Sinn. Gäbe es da nicht eine Sängerin namens Cynthia Knoch, eine Lehrbeauftragte für modernen Gesang an der Petinger Musikschule, die fünf Jahre lang mit dem André Rieu Orchester „on Tour" war und derzeit in Petingen ansässig ist.*




## STUDIEREN UND NOCHMALS STUDIEREN

Bereits als Kind und Chorsängerin in Howald war es für Cynthia Knoch klar, dass sie auch später nicht ohne Musik, ohne Gesang leben könnte. So lernte sie parallel zur allgemeinen Musiklehre auch Piano und Querflöte spielen, aber die Leidenschaft für Gesang und Tanz hatte sie bereits erfasst. Auf Städtereisen mit dem Vater lernte sie die Welt der Musicals kennen, eine Erfahrung, die sie ebenfalls prägen sollte. Jazz Dance und Ballett bei Li Marteling sollten sich quasi nahtlos an ihre Erlebnisse als Zuschauerin anfügen.

Den Umzug in den Süden des Landes bezeichnet die Künstlerin als einen Glücksfall. Sie fühlt sich hier sehr wohl, denn die Menschen reden „vun der Long op d'Zong". Zugleich wollte sie Musik am Escher Jungengymnasium studieren, wo es aber noch keine Ausbildung in modernem Gesang gab. Auf dem Programm stand lediglich klassischer Gesang. Bereits vor dem Abitur durfte sie aufgrund ihrer Hartnäckigkeit, ihrer Leidenschaft und ihrem Talent in Osnabrück Musical studieren. Weitere Stationen in ihrem Studentendasein waren u.a. Privatstunden bei Vera Liewa in Trier, Tom Krause in Hamburg und am Mozarteum in Salzburg. Eine Investition, die sich gelohnt hat.

Für ihr Master-Studium ging es dann in die Niederlande, wo sie in Tilburg, einer eher kleinen aber kulturell sehr aktiven Stadt angenommen wurde. Dank ihrer Abschlussarbeit, die Regie für eine kleine Oper, durfte sie als Laureatin sogar ihre Universität repräsentieren.

## AUF DER WELTBÜHNE

Ausgelernt, so meint Cynthia Knoch, habe man trotzdem nie, denn die Erfahrung komme mit den zahlreichen Projekten, die man im Lauf einer Karriere bewältige.

Bereits während ihres Studiums trat sie als Solistin in Universitätsprojekten auf und tourte 3 Jahre lang mit der niederländischen „Opera Selt". Und so ganz „nebenher" führte sie Regie in einer Kinderoper, produzierte eine Revue, jonglierte aber auch mit Auftritten in Alten- und Pflegeheimen, Krankenhäuser uvm.

Über eine Agentur gelangte sie schließlich zum Casting nach Maastricht, wo sie für einen Platz im Chor des André Rieu Orchesters vorsang. Aufgeregt? „Absolut", erzählt die Sängerin, doch alles sei in einer relativ entspannten Atmosphäre verlaufen. Erst einige Wochen später erfuhr sie von ihrem bestandenen Casting.



Fünf Jahre lang flog sie anschließend mit um den Globus, genoss die Konzerte auf den größten Bühnen der Welt. Manchmal, verriet sie, habe sie mit Sängerinnen getauscht um auch Zeit für sich selbst, für ihre Tochter sowie für eigene Produktionen zu haben. Auch das Repertoire kenne man nach einer Weile, und so habe sie nach dem Dresdner Opernball Konzert die Entscheidung getroffen, einen neuen Weg einzuschlagen.

Seit einigen Jahren steht sie mit „Lola Marie & Les Chats Noirs", einem Ensemble, das die Musik der Jahre 1881 bis 1939 auf der Bühne zum Leben erweckt, im Rampenlicht.

# MADE IN PÉTANGE



Neben einer Single-Aufnahme – mit Überraschungseffekt – steht auch die Aufnahme einer CD mit zeitgenössischer klassischer Musik auf dem diesjährigen Programm. 2022 wird sie in einer belgischen Produktion - „Femme fatale" – in der Hauptrolle als Solistin auf der Bühne stehen.

Sind Sie neugierig geworden? Dann besuchen sie die Facebook-Seit „Lola Marie & Les Chats Noirs", die Webseite www.lolamarie.eu oder schauen Sie doch mal bei youtube.com herein um einen kleinen Vorgeschmack von Cynthia Knoch's Talent zu erhalten. Es lohnt sich!

## NEUE PROJEKTE IN JEDER HINSICHT

Nachdem sie den Stress des ständigen Weltreisens hinter sich gelassen hatte, widmete Cynthia Knoch den eigenen Projekten mehr Zeit als zuvor. Besonders mit Kollegen, die sie gerne als „Clique"-Zughörige bezeichnet und die sie inspirieren. Hinzu kam die erfolgreiche Bewerbung als Kursleiterin in der Petinger Musikschule, wo sie anfangs lediglich 1 Tag pro Woche unterrichtete, derzeit jedoch mehr Wochenstunden damit verbringt, modernen Gesang an die Studenten heranzubringen.



(Fotos: Cynthia Knoch, Sebastian Meyer, AR Productions)

# AGENDA

ESCH-SUR-ALZETTE EUROPEAN CAPITAL OF CULTURE

REMIX FESTIVAL

*En avant-première de l'inauguration de la Capitale européenne de la culture Esch2022, les organisateurs invitent – sur réservation – à des panels de discussions, des workshops et des évènements spéciaux avec des artistes et partenaires de projets.*

**13/10**
**La globalisation en action**
Kayl – Schungfabrik
De 19h00 à 20h30
Entrée gratuite sur réservation

**12/11**
**Le AI & Art Pavilion**
Belval – Maison du Savoir
De 16h00 à 18h00
Entrée gratuite sur réservation

## Programme de recherche spatiale

Un concours de dessin pour enfants « Programme de recherche spatiale » est organisé pour les élèves du cycle fondamental 2 à 4 dans les écoles du territoire Esch2022. Informations sur https://spaceprogramesch2022.lu. Les idées les plux extraordinaires seront intégrées aux évènements de l'ouverture d'Esch2022. Les visions les plus époustouflantes seront discutées et récompensées par de réels experts.

Premier prix : Une journée à l'Euro Space Center à Libin (B) incluant visite et atelier
Deuxième prix : Un atelier sur la cuisine dans l'espace avec ESERO et la « Luxembourg space Agency »
Troisième Prix : Une météorite et des entrées aux « Luxembourg Science Center »

Le 29 novembre 2021 tous les lauréats rencontreront les astronautes Claudie Haigneré et Reinhold Ewald.

## BICHERBUS
## 11.10., 8.11. AN 29.11.2021



Péiteng beim Schoulgebai
*An Éigent*
rue Mathias Adam
Vun 10.45 bis 11.35 Auer

Rodange bei
der *Sportshal*
rue Jos. Moscardo
Vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher
an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser)
oder per E-Mail **(bicherbus@bnl.etat.lu)**
Um Internet änner:
**https://cutt.ly/ewKPTuE**
Org.: Kulturministère

## 23/10 et 24/10
### Marché aux puces

Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)
23.10 – de 8h00 à 18h00
24.10 – de 8h00 à 20h00
Entrée libre
Renseignements par
tél. : +352 621 760 033
Org. : Hobby 81 Lamadelaine

## 31/10
### Halloween Kids

Pétange – Home St Hubert
(52, rue de l'Eglise)
Début : 14h00
Prix d'entrée : 5€
Org. : La Courageuse Pétange

## 11/11 bis 14/11
### Theaterweekend

Rodange – Kulturzenter
(avenue Dr. Gaasch)
De Cercle dramatique Rodange spillt:
***Ee lëschtege Jonggesellenowend***
Virféierungen (Covid-Check)
12/11 um 20h00
13/11 um 20h00
14/11 um 15h00
Entrée: 12€ a 6€ fir Kanner bis 12 Joer
Org.: Cercle dramatique Rodange

## 11/11
### Generalversammlung

Péiteng - Kulturhaus 'A Rousen'
Ufank: 19.11 Auer
Org.: Amicale des Princes et Princesses de la Cavalcade de Pétange

## 13/11
### Petit Marché de Noël

Pétange – Maison de la culture
« A Rousen » (place du Marché)
De 11h00 à 20h00
Org. : La Main Tendue Angela asbl

## 20/11 et 21/11
### 34e Concours International de Photos pour la Jeunesse

Pétange - Maison de la Culture 'A Rousen'
Vernissage : le 20.11 à 16h00
Horaires des projections :
le 21.11 de 16h00 à 18h00
Entrée libre
Org. : Photo-Club Pétange

## MINETT PARK

**Kontakt: info@minettpark.lu**
**Tel. +352 26 58 20 69**

## Bis zum 15.10.2021
### Ausstellung „John Cockerill & the 503 auf Gleisen"

Fond-de-Gras – Hall Paul Wurth
Die Geschichte der kleinen Lokomotive Cockerill 503 und des John Cockerill Unternehmens.
Öffnungszeiten: donnerstags bis sonntags jeweils von 14 bis 18 Uhr
Eintritt frei

## 17/10
### Fond-de-Gras meets Diesel Classics

Fond-de-Gras
À partir de 11h00
Tarifs: adulte 10€, enfant 8€

**Informations sur www.minettpark.lu**






## AUSSTELLUNGEN / EXPOSITIONS

**Kulturhaus „A Rousen" / Maison de la Culture « A Rousen »**
**Moartplaz zu Péiteng / place du Marché à Pétange**

### Expo Emanuela WILLE
### Du 28.10 au 1.11.2021

Portraits abstraits et très colorés aux expressions marquantes
L'exposition est ouverte au public entre 14 bis 18 Auer
Entrée libre

### Expo Luisella ZUCCATO
### Du 25.11 au 28.11.2021

Aquarelles lumineuses et hautes en couleur
L'exposition est ouverte au public entre 14h00 et 18h00
Entrée libre

Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

**27-29 rue Michel Rodange**
**zu Déifferdeng**

**Tel.: 26 58 06 60**
**e-mail : prenzebierg@clubsenior.lu**
**Kontaktpersoun : Geneviève FABER**

**Viremente fir Reservatiounen**
**op de Konto CCPLULL –**
**IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

**! Opgepasst: wéinst dem COVID-19**
**gi vill Evenementer ofgesot.**
**Bezuelt dofir eréischt wann dir**
**d'Rechung kritt hutt !**

### 26/10
### Virtrag iwwer „Barrièrefräi Wunnen": Adapth asbl

Ufank: 18.00 Auer am Clubhaus
zu Déifferdeng
Gratis Entrée
**Ref.: A20210AC5**

### 2/11
### E schéinen Dag zu Tréier

E ganzen Dag laang trëppelen a shoppen
Rendez-vous um Parking
„Plateau des Hauts Fourneaux"
Präis: 18€ (Net-Memberen 33€)
**Ref.: A2021E40**

### 11/12
### Glühwäiwanderung

Tour vu max. 6km duerch
d'Déifferdenger Ëmgéigend
Duerno geselleg Ronn
um Chrëschtmaart mat Glühwäin
Eischten Départ: 15.00 Auer
Zweeten Départ: 15.30 Auer
Gratis
**Ref.: A2021E45**



### Aktiv sinn als Senior?

Kee Problem beim Club Senior.
Am Boxing Club vun Déifferdeng
léieren eng hallef Dose
Memberen aus dem Club
wéi se hir Fäischt besser
kënne benotzen.

**Mat Erfolleg!**












Centre WAX
Centre WAX






MOULIN WAX











**09.09.2021 –** *Viru 77 Joer gouf Péiteng befreit, an zënterhir gëtt all Joer un déi Zaldote geduecht, déi hiirt Liewen all Dag op d'Spill gesat hu fir d'Fräiheet an Europa nees ze garantéieren. Besonnesch gouf un den Hyman Josefson erënnert, deen den 9. September 1944 op der Bréck bei der Péitenger Millen als éischten amerikaneschen Zaldot op Lëtzebuerger Buedem ëmkoum. Fir dës Geleeënheet war och de Chargé d'affaires a.i. Casey Mace vun der amerikanescher Botschaft zu Lëtzebuerg op Péiteng komm.*






# ROCKABILLY DE LUXE 2021!

*E Festival vun der Musik, der gudder Stëmmung an der transatlantescher Frëndschaft tëscht Amerika a Lëtzebuerg. Ëmmer nees en Erfolleg. 2022 ka kommen!*















TAMA




40559




102.2FM





**16.08.2021 –** *E puer Awunner haten, op Aluedung vun der Péitenger Gemeng, de Wee an de Kulturzenter op Rodange fonnt, wou Membere vum Schäfferot esouwéi d'Architektin vun der Gemeng Informatioune ginn hunn zu enger punktueller Ännerung vum PAG zu Rodange an der rue Schiffweiler. Och wa just e puer Awunner komm waren, esou haten si dach eng Rei Froen, op déi d'Vertrieder vun der Gemeng am Laf vun der Versammlung geäntwert hunn.*














**11.09.2021 –** *Sur un parcours de plus ou moins 9 km plus de 90 personnes ont participé à la deuxième édition de la «Marche gourmande» organisée par la Commune de Pétange. Bardé de différents repas et d'attractions tout au long du chemin, l'arrivée fut programmée au Chalet Langwiss aux étangs de Pétange. Une expérience que bon nombre de participants ont terminé au Rockabilly DeLuxe.*









**12.09.2021 –** *Afin de rendre hommage aux personnes qui s'engagent de façon inlassable dans l'intérêt de la Commune de Pétange, les membres de l'Ordre de la Chevalerie du 7e Centenaire ont accueilli dans leurs rangs Marcel Nilles et Serge Breyer tandis que Raymond Masutti fut élevé au rang d'officier lors d'une cérémonie au Home St Hubert.*



























**17. + 18.09.2021** – *Fir den 20. Geburtsdag vum Télévie Rodange haten d'Organisateuren nees eng Kéier op e grousst Fest agelueden, dat mat engem italieneschen Owend offiziell opgemaach gouf. Den Dag drop goung et mat Animatiounen, Tombola, gudde Mäifel, Musik an engem Gala-Match weider. Owes war d'Präsidentin vum Télévie Rodange, Josette Conzemius, du ganz houfreg fir e Scheck iwwer 103.500€ fir d'Kriibsforschung weiderzeleeden. Bravo an e grousse Merci u jiddereen, dee säin Deel dozou an zur Organisatioun bäigedroen huet!*











*“ **12.09.2021 –** Bei der „Borne du Passeur” nieft der Parkierch zu Péiteng goufen och dëst Joer nees Blummen néiergeluecht zu Éiere vun deene Patrioten, déi am zweete Weltkrich ouni ze zécken hiirt Liewen op d'Spill gesat hu fir hire Landsleit ze hëllefen, iwwer d'Grenz ze kommen an esou dem Nazi-Regime net an d'Gräpp ze falen. Dacks hunn si dësen Asaz mam Liewe bezuelt.*

# WAT WAR LASS ?



**22.01.2021 –** *Auch in diesem Jahr oblag es den Mitarbeitern des „Kuerbuttek", die Geschenkkörbe für die alljährliche „Journée du grand âge" in Petingen zusammenzustellen. Offiziell nahmen Mitglieder des Schöffenrates sowie Mitglieder des Ausschusses für Familien, Drittes Alter und Menschen mit Behinderungen die Körbe entgegen, die im Lauf der folgenden Tage an die Senioren über 85 Jahre überreicht wurden.*

# MIR GRATULÉIEREN!



*Hire 95. Geburtsdag huet d'Madamm Lily Urbany-Folschette an der Seniorie St Joseph zu Péiteng gefeiert, wou si déi bescht Wënsch vun der Gemeng vum Schäffe Jean-Marie Halsdorf entgéintgeholl huet. De Patt huet natierlech net gefeelt.*



Am Centre WAX huet d'Madamm Laure Ludovicy-Kimmes viru kuerzem hiren 90. Gebuertsdag gefeiert an huet, zesumme mat der Famill a Membere vum Schäfferot, op hire groussen Dag ugestouss.




90 Käerze stoungen um Kuch vun der Madamm Giovanna Labalestra, déi op ning Jorzéngten zeréckkucke kann. Zwee Membere vum Schäfferot hunn der Jubilarin déi bescht Wënsch iwwerbruecht.

## MIR GRATULÉIEREN!



D'Madamm Anne Baum-Schmitz vu Rodange huet dëser Deeg hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Bei dëser Geleeënheet krut si déi beschte Wënsch an eng schéi Corbeille vum Buergermeeschter an de Vertrieder aus dem Schäfferot iwwereecht.

## D'GEMENG INFORMÉIERT / LA COMMUNE INFORME

# NEIE CONSEILLER VEREEDEGT



De 15. September 2021 gouf de Patrick Remacle vum Buergermeeschter am Hochzäitssall vun der Péitenger Gemeng als neien CSV-Conseiller vereedegt.

Am Virfeld hat de Carlo Gira, dee während 17 Joer d'Interesse vun de Bierger a Biergerinne vertrueden huet, säi Mandat aus perséinleche Grënn opgi fir - esou sot hien - de Wee fräi ze maache fir méi jonk Politiker, déi sech an Zukunft ëm d'Geschécker an der Gemeng wäerte këmmeren.

# Soutenons les restaurateurs en découvrant les recettes succulentes des cuisteaux – soit à la maison ou en visitant les établissements dans la commune de Pétange !






RESTAURANT ASIA GARDEN
CUISINE TRADITIONNELLE D'HONG KONG
13, RUE JEAN-BAPTISTE GILLARDIN À PÉTANGE
TÉL. : 50 35 28
WWW.ASIAGARDEN.LU

## KOON PO KAI

**Description :** Le « Koon Po Kai » (aussi dit poulet aux noix de cajou ou poulet impérial) est un plat originaire et typique de la région sud de la chine et qui est devenu aujourd'hui un des plats chinois le plus populaire en Europe, aussi dans notre établissement. Nous vous présentons aujourd'hui, le petit secret comment nous le préparons.

### INGRÉDIENTS

**De légumes et viande :**

- Une tasse à espresso de courgette coupé en dé
- Une tasse à espresso de poivron (de différent couleur de préférence) coupé en dé
- Une tasse à espresso d'oignon coupé en dé
- Une tasse à espresso de champignon de paris coupé en dé
- Deux maïs doux coupé en morceau
- Une tasse à espresso de choux chinois coupé en languette
- Une tasse à espresso de carotte coupé en lamelle et précuit
- Une tasse à espresso de bambou coupé en dé
- Une demi-poignée de poireau coupé en lamelle
- Deux à trois mange-tout entier
- Une demi-poignée de Kikurage (champignon noir japonais) frais ou sec (en état de sec le Kikurage doit être rehydraté)
- 300 gr de poulet coupé en lamelle et mariné en huile, pince sel, pince de poivre et une cuillère à dessert de Maizena
- Une demi-poignée (ou plus) de noix de cajou cuit

**Pour la sauce :**

- Une cuillère à dessert de sauce Piri Piri ou d'autre type de chili (optionnel)
- Une cuillère à soupe de l'aile haché mariné en huile
- Une cuillère à soupe de Hoisin Sauce
- Une cuillère et demie à soupe de sauce de soja claire
- Une cuillère et demie à soupe de sauce de soja foncée
- Une cuillère à dessert de vin de Shaoxing
- Une pince de sel et de poivre (à votre convenance)
- Une demi-cuillère à dessert de l'huile de sésame
- Fond de viande

### PRÉPARATION

- Il est utile de préparer tous les ingrédients afin de l'avoir prêt à main lors de la cuisson. Le poulet est à mariner une bonne heure en avance et de le mettre au frais.

### CUISSON

1. Faire cuire la viande. Une étape assez important, la viande est à cuire dans un bain d'huile chaude et à retirer après avoir pris une léger coloris. Bien égoutter l'huile afin de ne pas avoir trop de matière gras dans le plat et réserver le sur le côté.
2. Prenez un wok (assez large) faire revenir l'aile mariné.
3. Ajoutez la sauce piquante, la sauce Hoisin, la sauce de soja claire et foncée, le vin de Shaoxing
4. Mélangez bien les sauces
5. Ajoutez tous les ingrédients légumes
6. Mélangez bien l'ensemble
7. Ajouter au fin le poulet
8. Ajouter une tasse à café de fond de viande.
9. Ajouter une cuillère à dessert de Maizena diluer dans l'eau pour épaissir la sauce
10. Ajouter l'huile de sésame, afin de donner l'ensemble un gout de noisette
11. Servez le « Koon Po Kai » dans une large assiette creuse et n'oubliez pas d'ajouter les noix de cajou.



Et voilà « Koon Po Kai » fait à la maison 🙂 **Bonne dégustation !**

# UN REPAS CHAUD TOUS LES JOURS

*Eh oui, les années s'envolent et bien plus qu'on ne le pense, on devient moins agile, moins disposé à travailler à la maison. Et pour bon nombre de seniors, faire la cuisine est une tâche qu'ils préfèrent déléguer.*

Voilà pourquoi le Service «Repas sur roues» fut lancé il y a déjà 41 ans. C'est en 1980 que la commune a mis en place cette aide pour les citoyens et citoyennes de plus de 65 ans. Cependant, toute personne présentant un certificat médical pourra – temporairement ou de façon permanente – bénéficier du service si elle n'est pas/plus capable de cuisiner.

Une équipe de 6 chauffeurs – trois postes fixes et trois remplaçants – s'occupent de la livraison du repas à midi. Le volet administratif est assuré par le secrétariat général de la commune de Pétange.

En ce qui concerne les repas, c'est la compagnie Sodexo qui avait remporté l'appel d'offres lancé par l'administration communale pour la prestation en question et qui prépare également les repas pour les Maisons relais. Les responsables communaux veillent à ce que les dîners soient équilibrés mais aussi diversifiés et bien adaptés



aux besoins de la clientèle d'un certain âge. De surcroit, il est possible de commander un repas faible en sel ou encore conforme à un régime diabétique ou de demander que certains aliments soient moulus. Ainsi 60 menus sont délivrés jour après jour par les collaborateurs du Repas sur roues. La facture afférente est envoyée aux clients à la fin de chaque mois.

**COMMANDE OU INFORMATIONS**

**Secrétariat général de la commune**
**Tél. : 50 12 51 – 2011 pendant les heures de bureau**
**Tél. : 621 192 581 en-dehors des heures de bureau**

**Prix du menu : 11€**

**! Veuillez appeler un jour avant la date de la livraison du repas ou pour annuler une commande !**

# GESCHICHT – E SPANNEND THEMA

*Zu Lamadelaine 'An der Uecht' si mir als d'Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng doheem. Mir hidden eng ganz Rei vu flotten an historesch wichtegen Dokumenter, Bicher a Fotoen a Verbindung mat eisen 3 Uertschafte Péiteng, Rodange a Lamadelaine.*

Sidd Dir interesséiert, un allem, wat hei um Gebitt vun der Péitenger Gemeng geschitt ass an nach geschitt? Vergiesst Dir och gären d 'Zäit wann et drëms geet, déi al Zäiten duerch Dokumenter z'entdecken? Nee, mir hu keen direkten Drot méi zu de Réimer vum Tëtelbierg, wäerten Iech awer iwwerrasche mat allem, wat hei viru laanger Zäit emol eng Kéier lass war. Wann dir Loscht an Zäit hutt fir bei eis matzeschaffen, da kommt einfach freides nomëttes tëscht 15 an 18 Auer bei eis laanscht fir ze schnupperen. Mir freeën eis op lech.

Kontakt : Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng Asbl
1A, Avenue de la Gare • L- 4873 Lamadelaine
Tél : +352 501251- 6250 (Freides vu 15h00-18h00)
Mob: +352 691506034 ( Guy Kummer)
E-mail: geschichtsfrenn@petange.lu
Web: www.geschichtsfrenn-peiteng.lu

# HËLLEFT DER GEMENG – FIR D'NATURA

*Am Kader vun engem Filmprojet „Fauna – Déierewelt an der Gemeng Péiteng" brauch d'Gemeng Péiteng Är Hëllef. Mir géife gäre Fotoen an Videoe vu wëll Déieren – déi vu Privatleit gefilmt goufen um Gebitt vun der Gemeng – an dësem Film Projet weisen.*

Dobäi geet et eng Kéier ëm eng Momentopnam vun den eenheemesche wëllen Déieren an eiser Gemeng ze maachen. Mat Ärer Erlaabnis géife mir dës Dokumenter, déi Dir eis schécke kënnt, an eisem Film mat abauen. Natierlech gitt Dir als Urheber och ernimmt.

Wann Dir also esou eng Foto oder e Video vun eenheemesche wëllen Déieren hutt, wiere mir frou, wann Dir eis déi per Meil service.environnement@petange.lu mat dem Stéchwuert „Fauna" géift schécken.

Fir all weider Froe kënnt Dir de Service Environnement per Telefon 50 12 51 2030 kontaktéieren.

Mir soen elo scho Merci fir d'Ënnerstëtzung!!

# NEI MATAARBECHTER!



*Den 1. August huet de* **Pierre Bernard** *am Service projets (Verkéier a Luuchten) vum techneschen Service ugefaang mat schaffen.*




## GEWËNNSPILL – CONCOURS

Dir wëllt déi lokal Geschäfter ënnerstëtzen?
Dir wëllt en Akaafsbong am Wäert vu 25.- € gewannen?
Ma da schéckt eis en E-mail op events@petange.lu mam Vermierk
„Ech ënnerstëtzen d'Geschäfter aus der Péitenger Gemeng"
Awer opgepasst! Déi éischt 5 si vir!
Gewonnen hunn: Pierre Fourné-Fischer, Lamadelaine; Maryse Nicolas, Lamadelaine; Christiane Laures-Marx, Lamadelaine; David Dos Santos, Lamadelaine.
Ee Gewënner wollt säin Numm net publizéiert hunn.




## FACEBOOK – CONCOURS

Den 1. an de 15. vun all Mount kënnt Dir e flotte Kaddo gewannen. Op der FB-Säit vun der Gemeng weise mir eng Foto, déi an der Gemeng opgeholl gouf oder mir stellen Iech eng Fro a Verbindung mat der Gemeng. Äntwert esou séier wéi méiglech fir eng flott Iwwerraschung ze kréien.
Bis geschwënn op FB!

## CONCOURS SUR FACEBOOK

Le 1er et le 15 de chaque mois, vous aurez la possibilité de gagner un beau cadeau. Sur la page FB de la commune, nous vous montrerons une photo prise sur le territoire de la commune ou nous vous poserons une question en connection avec la commune. Répondez aussi vite que possible afin de recevoir votre cadeau.
A bientôt sur FB!

## RPL TV

### Wat gëtt et Neies an der Gemeng?

**Bis de 15. Oktober** ginn aktuell an och historesch Reportagen um Péitenger Fernsehkanal gewisen. D'Emissioun gëtt ausgestrahlt um 18.30 Auer an och um 21 Auer. Um Programm vun der Emissioun stinn ë.a.:

1) D'Erweiderung vum Haus bei der Kor gouf ageweit
2) De Grondstee vun der Musikschoul gouf geluecht
3) Feierlechkeete vum 9. September
4) De Kuerbuttek
5) Geschäfter aus der Péitenger Gemeng
6) Retro: De grousse Führerschäintest vun 2009

Vill Spaass beim Kucken!

# POUR LE RECENSEMENT, LA COMMUNE COMPTE SUR VOUS !

*Du 8 novembre au 28 novembre 2021 aura lieu le recensement général au Luxembourg. Pour ce faire, un membre de chaque ménage privé (la personne la plus âgée) recevra par la poste un courrier les invitant à répondre à ce recensement de manière électronique via MyGuichet.*

Le recensement de la population se déroulera comme suit pour les ménages :

• Du 8 au 10 novembre 2021 : les ménages privés receveront, par la poste, le courrier d'invitation leur permettant de se connecter sur MyGuichet.

• Du 8 au 28 novembre 2021 les ménages privés peuvent répondre électroniquement via MyGuichet.

• Du 22 novembre au 5 décembre 2021 ménages privés et les ménages collectifs pourront répondre sur papier par le biais du questionnaire imprimé afférent.

• Du 22 au 26 novembre 2021 les questionnaires sur papier sont distribués aux ménages n'ayant pas répondu en ligne. Des collaborateurs de la commune déposeront les documents afférents dans votre boîte aux lettres. Vous y trouverez également une note avec les coordonnées du recenseur.

• Du 6 au 15 décembre 2021 les questionnaires imprimés qui n'auront pas été retournés à l'administration communale ou au STATEC seront collectés par les recenseurs.

Veuillez lire attentivement les instructions et suivre les consignes. Merci pour votre collaboration.



Le collège
des bourgmestre et échevins
vous prie
de bien vouloir assister
à la cérémonie de la

JOURNÉE
DE LA
COMMÉMORATION
NATIONALE

Le dimanche 10 octobre 2021
à Lamadelaine

PROGRAMME

10.30 heures:

CÉRÉMONIE OFFICIELLE
AUPRÈS DU
MONUMENT AUX MORTS

Encadrement musical
par le duo «Keen Plang»
et les deux sociétés de musique
de la commune de Pétange.

11.00 heures:

Célébration du Service religieux
en l'Église Paroissiale Sainte Madeleine

Chant par les trois chorales
Sainte Cécile de la commune de Pétange

* * *

**Les cérémonies se dérouleront dans
le strict respect des mesures sanitaires
en vigueur. Il n'y aura pas de cortège!**

* * *

Une navette d'autobus circulera pour
emmener les citoyens de Pétange et de Rodange
à Lamadelaine.

Départs à partir 10.00 heures aux arrêts
„Rodange, Hall Sportif",
„Pétange, rue de l'Eglise".

retours à partir de 12.00 heures
„Lamadelaine, Ecole Primaire".

# DÉI NATIONAL OFFALL-APP ASS DO!



Säin Offall richteg Entsuergen – dobäi soll déi nei App „*Mäin Offall – Meng Ressourcen*" hëllefen. Den digitalen Offallkalenner erënnert de User drun, seng Poubelle virun d'Dier ze stellen an eng interaktiv Kaart weist all verfügbar Sammelplazen am Land un.

### DAT KANN D'APP

- De **virtuellen Offallkalenner** erméiglecht dem User, d'Sammlunge fir seng Adress zu all Moment ze kucken, ob Pabeier, Valorlux oder Biopoubelle ;
- De User kann sech Erënnerunge fir verschidde Sammlungen ariichten. Sou gëtt een zum Beispill um Virowend virun der Sammlung mat enger Push-Noriicht drun erënnert, seng Poubelle virun d'Dier ze stellen;
- Op der interaktiver Kaart fënnt een all ëffentlech Sammelpunkten, sief et Container, mobil Sammlung vun der SuperDrecksKëscht® oder Ressourcenzenter;
- En Offalllexikon gëtt Tipps, wou wéi en Offall am beschten entsuergt ka ginn;
- Falls eng Sammlung ausfält oder geännert gëtt, kritt de User d'Informatioun iwwert eng Push-Noriicht vu senger Gemeng direkt op de Smartphone




Donneschdeg, den 21. Oktober 2021
Open Bühn
Lëtzebuerger
Stand-Up
Comedy
COVID check.lu
Ufank: 20.00 Auer
GRATIS ENTRÉE
UM «SPÄICHER»
am CENTRE WAX
Org.: GEMENG PÉITENG
2, rue d'Athus · L-4710 Pétange
> Reservéiert Är limitéiert Plazen op inscriptions@petange.lu <
Méi Info op www.petange.lu am Agenda


DU 15 AU 21 NOVEMBRE 2021
KYOTEC OPEN
Women's 25.000$
ITF WORLD TENNIS TOUR
AU HALL QT À PÉTANGE
COVID check.lu
pétange
MOTIVATION COMMUNE
TENNIS PETANGE


télévie
Rodange
Télévie
KRIMI-DINNER
"Een Mord's Menu"
Gespillt vum KÄERJENGER-THEATER
den 29. an 30. November 2021 am WAX zu Péiteng
„Open Doors" ab 18:30 Auer
Präis pro Persoun : 95€ (Menu & Gedrénks)
5-Gang Menu vun de Käch
Guy KOHNEN & Frank MANES
Péiteng on Air
Umeldung:
bis den 20. November 2021
beim Josette : +352 691 785 050
aconzemius@internet.lu
Restaurant-Brasserie Wax 2, rue d'Athus L-4710 Pétange


12th NEWCOMER BAND CONTEST
11. DEZEMBER 2021 @ 19h30
HOME St Hubert PÉTANGE
Fräien Entrée
Iessen & Gedrenks
pétange
MOTIVATION COMMUNE
5 BANDS
präsentéieren ee
LIVE CONCERT
vun 30 Minuten
Péiteng on Air
COVID check.lu
rock the south
WINNER ROCK THE SOUTH 2019
ATOMIC ROCKET SEEDERS
HEADLINER MAD FOX
ZE GEWANNEN:
Bong am Wäert vun 1.000€
vun Holtz Sound
En Optrëtt um On Stéitsch 2022!
HOLTZ SOUND
ON STÉITSCH
Unmeldung & Info:
www.petange.lu oder
Tel. 50 12 51-2075